DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 2. September 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, un de Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir Landesplanung weiderzeleeden:

« *An der Coronakris hu vill Familljen hir Vakanz doheem verbruecht, soudass de Stauséi vun Esch-Sauer de Summer iwwer gutt besicht war. Fir der Sécherheet an de sanitäre Mesuren op de Plage Rechnung kënnen ze droen, hunn déi betraffe Gemenge missen zäitweileg hir Plagen zoumaachen, an d'Leit just per Reservatioun op d'Plage gelooss.*

*Fir an Zukunft eng besser Gestioun vun de Visiten um Stauséi ze garantéieren, grad ewéi eng Rei weider Problemer, déi zënter Jore bekannt sinn, wéi z.B. net genuch Parkplazen, Littering, wëllt Grillen, wëllt Campéieren asw., an de Grëff ze kréien, brauch et eng koordinéiert a kohärent Approche bei där all déi betraffen Acteuren agebonne ginn.*

*Sou soll laut eisen Informatiounen z.B. d'Tatsaach, dass net just ee Policekommissariat zoustänneg fir de ganze Stauséi ass, mee zwee, zu Kommunikatiouns- a Koordinatiounsschwieregkeete mat de Gemenge féieren. Effektiv wieren an de läschte Wochen net ëmmer all d'Gemengen iwwer déi verschidden Aktioune vun der Police informéiert gewiescht, an et hätt och keng richteg Ofsprooch ginn iwwer d'Gestioun vun der Situatioun.*

*Des Weideren ass scho méi laang e sou genannte « Ranger » am Gespréich, eng oder e puer Persounen, déi wärend der Héichsaison op de Plagen ëm de Stauséi d'Leit soll sensibiliséieren, z.B. a punkto Offallproblemer, Brandgefor, Sécherheet asw.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklungn, dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an dem Här Minister fir Landesplanung folgend Froe stellen :*

- *Wier et denkbar e Poste wéi den uewegenannte « Ranger » ze schafen, deen d'Visiteure sensibiliséiert an de Respekt vum Naturschutz garantéiert ?*

- *Well de Moment onkloer ass, wien alles responsabel ass, wann et ëm de Schutz vum Stauséi geet, wier et net pertinent fir e Gremium ze schafen, deen ë.a. Vertrieder vun de Gemengen, der Police, dem Waasserwirtschaftsamt an der Natur- a Forstverwaltung ëmfaasst, fir dësen Aufgabeberäich besser ze koordinéieren?*

- *Wier et net méi wéi sënnvoll fir de Summer iwwer, tëscht Mee a September, ee Stauséi-Polizeikommissariat op d'Been ze setzen, dat an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen fir d'Sécherheet ronderëm de Séi suergt an och e koherent Sécherheetskonzept entwéckelt a reegelméisseg iwwerschafft?*

- *Ass geplangt, e Management-Plang vun de Visitten um ganze Stauséi a senge verschiddenen Dimensiounen (Parking, Offall, Sécherheet, sanitär Mesuren, asw.) fir dat nächst Joer op d'Been ze stellen?* »

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten